Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 332/2020
29 JUIN 2020
A traiter par:
Copie à:

CSV FRAKTIOUN

REÇU
Par Alff Christian , 13:18, 29/06/2020

n° 2453

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
Lëtzebuerg, den 29. Juni 2020

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech lech dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weider ze leeden.

D'Entsuergung vu gestuerwen Notzdéieren ass hei am Land duerch eng spezialiséiert Firma gereegelt a gëtt och integral vum Staat iwwerholl. Fir eng Entsuergung muss de Proprietär nom Doud vun engem Notzdéier des Firma informéieren, déi de Kadaver da spéitstens den Dag no der Informatioun muss siche kommen. Bei Feierdeeg respektiv Sonndes kann des Frist em 24 Stonne verlängert ginn.

Laut mengen Informatioune ginn et awer Problemer bei der Entsuergung vun de Kadaveren. Et gi Fäll, do huet et bis zu 3 Deeg gedauert bis dat futtist Notzdéier ofgeholl ginn ass, eng Situatioun déi um sanitären an hygienesche Plang problematesch ka sinn.

An dësem Kontext wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister folgend Froe stellen

- Kann den Här Minister mir des Informatioun confirméieren?
- Wat sinn d'Ursaachen dass et a verschiddene Fäll méi laang wei een Dag gedauert huet bis den Déierekadaver entsuergt ginn ass?
- Wei gedenkt de Minister dëser Problematik entgéintzewierken?

Här President, ech bieden lech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Marc Spautz

Députéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 29 juin 2020

Objet : Question parlementaire n° 2453 du 29.06.2020 de Monsieur le Député Marc Spautz - Enlèvement de cadavres d'animaux

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture et du
Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél : 247-82530

Réf.: 332/2020

Monsieur Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation

LUXEMBOURG

Luxembourg, le 07. 07. 20

Objet: Question parlementaire n° 2453 de l'honorable Député Monsieur Marc Spautz

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Réponse du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural à la question parlementaire n° 2453 de l'honorable député Marc Spautz

1. **Kann de Här Minister mir des Informatioun confirméieren?**

D'Prozedur fir d' Asammele vu Kadavere vun Notzdéieren ass effektiv déi, wéi den Här Spautz se an der Aleedung zu senger question parlementaire beschreift.

2. **Wat sinn d'Ursaachen, dass et a verschiddene Fäll méi laang wéi en Dag gedauert huet, bis den Déierekadaver entsuergt ginn ass?**

Ursaachen, déi d'Verlängerung vum Delai vu 24 Stonne betreffen, ginn et der e puer. Fir d'éischt ass ze bemierken, dass déi Firma am Prinzip Kadaveren vu Méindes bis Freides asammelt. Déi Firma ass awer relativ flexibel, sou dass si och deelweis Tournéeë Samschdes organiséiert z.B. wann Méindes een Feierdag ass oder wann si duerch iergendeen Ëmstand während der Woch Retard hunn beim Asammelen. Wann natierlech elo ee Bauer ee Kadaver Freides am spéide Moien oder Nomëttes mellt, da gëtt deen eréischt Méindes agesammelt. Et ass och schonns virkomm, dass Baueren sech bei der Vétérinairesverwaltung beschwéiert hunn, dass hire Kadaver schonns e puer Deeg do leit, an et huet sech dann op Nofro bei der Firma eraus gestallt, dass de Kadaver guer net gemellt ginn ass.
Aner Ursaache sinn technesch Pannen un de Gefierer oder Chauffeuren, déi wéinst Krankheet ausfalen. Et ass ëmmer en Backup virgesinn, deen natierlech och ëmmer e bëssen Zäit brauch, bis en en Place ass.

3. **Wéi gedenkt de Minister dëser Problematik entgéintzewierken?**

Am grousse Ganze kann ee festhalen, dass déi Firma, un déi de Ministère déi Aufgab zanter Joere verginn huet, des zur Zefriddenheet vun allen Bedeelegten gemeeschtert huet. D 'Vétérinairesverwaltung steet a permanentem Kontakt mat der Firma, déi nieft hire Routineaufgaben awer och ganz zäitno op Ausname reagéiert, wéi rezent beim Brand an engem Schwéngsstall, wou nach dee selwechten Dag all Kadavere vun der Firma op der Plaz opgelueden an oftransportéiert goufen. Falls et zu punktuelle Problemer kënnt, sollen d'Bauere sech bei der Vétérinairesverwaltung mellen,wou versicht gëtt, a Kollaboratioun mat der Firma eng séier Léisung ze fannen.